

# ASSOCIATION DES ENROLÉS DE FORCE VICTIMES DU NAZISME

## SECTION DE HESPERANGE

Betrëfft:
Demissioun vum President
an Trésorier.

Hesper, am Dezember 1996.

Léif Komeroden,
Léif Frënn a Bekannten,
Léif Memberen,

Et ass schwéiëren Häerzens wou ech mech entschloss hun meng Chargen als President an Trésorier vun der Association des Enrôlés de Force, Sektioun Hesper opzegin. Seriös Gesondheetsgrënn zwenge mech d'Sektioun Hesper an aaner Hänn z'iwergin. Bei deser Gelegënheet well ech net vergiëssen eis Gemengenautoritéiten ze erwänen, déi der Sektioun enner d'Aerm gegraff hun, wa mir Pläng wollte realiséiëren, déi mir aus égëner Kraaft nët eleng hätte bewältege kennen. Un é Komerod denken ech emmer nach; dat ass eise fréiëre Sekretär, de verstuërwene Charles Baddé, mat deem mech eng echt Frëndschaft verbonnen huët. Mat him war ët méiglech eis Sektioun erem zu Wuëlstand ze brengen duërch d'Schaafen vun eisem Disk "Trei zur Heemecht". An den Deeg a Wochen vum spéiden Hiërscht 1980 si mir zwee duërch Keelt a Schnéi bis an t'Eisleck op eege Käschten gefuër fir eis Disken a Cassetten un de Mann ze brengen, well mir haaten eng Schold mussen ophuëlen, an héich Zense si gelaaf. Weider hu mir zwee d'Rees an t'Auvergne an op Clermont_Ferrand organiséiërt, fir déi Franzousen ze éiëren, déi Letzebuër_ger Jongen verstoppt haaten. Dat huët eng immens Korrespondenz mat Buërgermeeschteren an Notären erfuërdert, fir déi Leit an Iërwen ausfënneg ze maachen. E schéinen Exploit war och d'Embenennen vun der rue des Prés an t'Allée de la Jeunesse Sacrifiée. Domadde ver_bonne war d'Aweihong vum Monument, dat un déi Leit erënnert, déi de Jongen am Krich an irgendenger Form zu Hellef kom sin. Op deser Plaats siëw e grousse Merci gesoot gin de Gemengenautoritéiten, déi éis grousszigeg entgéint kom sin.

No baal 20 järeger Presidentschaft soën ech och op deser Plaats menge Frënn a Bekannten, Komeroden aus dem Comité, méin häerzlechste Merci fir hir trei Gefollegschaft.

An Alleguërten fir dat Neit Joër 1997 eng gudd Gesondheet an Zefriddenheet.

De President,

Duërch meng Demissioun op den 31.12.1996 als President an als Trésorier iwerdroën ech heimadden d'Gestioun vun der Sektioun Hesper op d'Komeroden aus dem Comité: Armand Weissen, Emile Stein, Mathias Scheer, Norbert Oster, Pierre Heinen an Nicolas Glodt. Zur Weiderféiërung gehéiërt als éischt d'Organiséiëren vun der Assemblée Générale vum 24. Januar 1997. Meng lescht Missioun ass d'Verfaassen vun den Ofschlossarbechten op den 31.12.96 mat dem Caisse_Bericht als Resultat. D'Remise de Caisse kann dann géint den 15. Januar 1997 erfollechen. Aus Krankheetsgrënn kann ech u kenger Sitzung méi deelhuëlen.

De President,

ENROLÉS DE FORCE VICTIMES DU NAZISME * HESPERANGE *



# ASSOCIATION DES ENROLÉS DE FORCE VICTIMES DU NAZISME

## SECTION DE HESPERANGE

Jeudi, le 3 février 1994.

## I N M E M O R I A M

D' Enrôlés de Force vun der Hesper Sektioun gedenken hirer Doudeger aus vergangener Zéit.

| | | | |
|---|---|---|---|
| FRISING Armand | gest.15.03.85 | FELTEN_WILMES Léon | gest.15.12.89 |
| RONKAR Nicolas | gest.06.12.85 | FELTEN_WILMES Mme | gest.29.05.90 |
| KOENIG Léon | gest.18.12.85 | MERSCH Charles | gest.02.10.90 |
| JOPA Marcel | gest.15.02.86 | THOMA Camille | gest.11.04.91 |
| GILLEN Joe | gest.10.03.86 | ZAHLEN Emile | gest.19.07.91 |
| URY_WELTER Willy | gest.16.09.86 | BACKES Michel | gest.08.03.92 |
| LIPPERT Mathias Mme | gest.22.04.87 | SCHULLER Roger | gest.12.05.92 |
| BADDE Charles | gest.13.06.87 | THEIN Marcel | gest.25.06.92 |
| BAUER Menn | gest.08.07.87 | PENNY René | gest.27.09.92 |
| KLAUS_ASTGEN W.Mme | gest.26.11.87 | FONCK Prosper | gest.06.12.92 |
| WELTER_GONNER Mme | gest.23.07.88 | Dr Pundel J.Paul | gest.09.01.93 |
| KRECKE Germaine Mme | gest.13.11.88 | KIEFFER Lucien | gest.02.06.93 |
| STEFFEN Marcel | gest.27.11.88 | SCHADECK Jean | gest.11.08.93 |
| BACKES Nicolas | gest.24.02.89 | JOME Paul | gest.22.11.93 |
| LORGE Fernand | gest.29.08.89 | EBERHARD François | gest.02.12.93 |

Requiescant in Pace!

Hesper, den 1er III 1995.

IN MEMORIAM.

---

D'Enrôlés de Force vum der Hesper Sektioun gedenken hirer Doudegen aus dem verpangene Jôer 1994.

| | |
|---|---|
| REDING Jean | + 19.02.94 |
| KETTEL Jean-Pierre | + 07.03.94 |
| CONRARDY Robert | + 14.03.94 |
| Mme Joseph TOUSSAINT | + 07.04.94 |
| POHS Pierre | + 14.05.94 |

Requiescant in Pace!

ASSOCIATION DES ENRÔLÉS DE FORCE
VICTIMES DU NAZISME
★ HESPERANGE ★